

MÉI NO. **MÉI BEWEEGEN.**

Gemengewalen 2023
Programmelementer



1. MIR AN DER GEMENG

E Bilan.

Fir d'CSV ass d'Gemengepolitik keng Niewesaach. Mir trieden an fir staark an handlungsfäeg Gemengen, eng proaktiv a solidaresch Kommunalpolitik, no bei de Leit an hiren Froen, Uleies a Suergen.

Zanter de Gemengewalen vun 2017 sti Mandataire vun der CSV a ronn 70 Gemengen an der Verantwortung. Si hunn a ville wesentlechen Aspekter vum gesellschaftleche lokale Liewen zu Verbesserungen am Interessi vun der Allgemengheet bäigedroen.

Mir sinn houfreg op dat, wat mer gelescht hunn. Mir wëllen dës erfollegräich Aarbecht weider féieren an ons Projeten virun driwen. Mir wëlle weider dozou bäidroen, fir ons Gemengen méi staark, méi effizient a méi biergerne ze maachen an d'Liewensqualität vun de Mënschen ze verbessern.

D'CSV steet fir eng ëmsiichteg a kompetent Finanz- a Budgetspolitik an onse Gemengen, grad sou wéi fir eng seriö Gestuon vun de lokale Verwaltungen.

Ganz besonnesch an Themen wéi Nohalteg Entwécklung, Ëmwelt- a Klimaschutz hunn CSV-gefouert Gemengen an deen leschte Joren bewisen, datt si un der Spëtzt vum Fortschrëtt stinn.

2. D'GEMENG

D'Fundament vun onser Demokratie

D'Gemengen spillen am institutionelle Kontext vun onsem Land eng ganz besonnesch Roll. Dat bedeit, datt all ëffentlech Déngschtleeschungen, déi net vum Staat ausgefouert ginn, an der Responsabilitéit vun de Gemenge leien. Deemo gëllt et, dës Verdeelung vun de Kompetenzen gerecht an nohalteg ze gestalten.

Dofir brauche mir eng Politik, déi d'Resilienz vun de Gemenge stäerkt, finanziell Stabilitéit a Planungssécherheet bitt.

Mir wëlle staark Gemengen, mat gesonde Finanzen, déi kapabel sinn hir Aufgaben effikass ze erfëllen : am Interessi vun de Bierger, am Interessi vum Land.

3. STAARK A RESILIENT GEMENGEN

D'kommunal Autonomie gëtt onse Gemengen deen noutwendegen Handlungsspillraum fir hiren Aufgaben nozekommen. Mir wëllen dës Autonomie stäerken, well mir als chrëschtlech-sozial Politiker zum Prinzip vun der Subsidiaritéit stinn an dovun iwwerzeegt sinn, datt d'Gemengen an Eegeverantwortung dee beschte Garant sinn fir gutt ëffentlech Déngschter, no beim Bierger.

Mir wëssen och, datt d'Ufuerderungen un d'Gemengen ëmmer méi grouss ginn an d'Zuel vun de kommunale Missiounen weider zouhëlt. Fir handlungsfäeg ze bleiwen a fir hir divers Missiounen kënnen ze meeschten brauchen ons Gemengen Planungssécherheet. Dat erreeche mir virun allem iwwert eng gerecht an ugepasste Verdeelung vu staatleche Subventionen a besser Verwaltungsofleef.

Dofir wäerte mir och am A behalen, datt den neie Verfassungsprinzip vun der Konnexitéit an alle Belaanger ëmgesat gëtt. Konkret heescht dat : wann de Staat de Gemengen nei Aufgaben zoudeelt, da mussen se nohalteg finanzéierbar sinn.

An deem Kontext brauche mir och ee kritesche Bilan vun der Gemeengefinanzreform. Et gouf Gewënner a Verlëierer; et gouf virun allem keng gerecht Verdeelung. Dofir wäerte mir ons dofir asetzen, datt d'Gesetz iwwert d'Gemeengefinanzen op de Leescht geholl an nogebessert gëtt, an dat op Basis vu konkrete Fakten an Zuelen, a net no ideologeschen oder geographesche Präferenzen.

4. ENG GEMENG FIR ZE LIEWEN

4.1. Geliefte Demokratie

D'Gemeng, dat ass déi Platz wou d'Demokratie an der Proximitéit gelieft gëtt. Et ass do, wou de Kontakt tëscht Bierger a politesche Responsabelen am noosten ass. Et soll och d'Platz sinn vun de kuerze Weeër, net dee vun iwwerméisseger Bürokratie. Mir sti fir e mënschlecht Mateneen, eng participativ Gemeng, modern an no beim Bierger.

De Gemengerot ass déi demokratesch gewielte Verriedung vun de Leit an der Gemeng. D'Gemengerotssëtzunge sinn, bis op e puer Ausnamen, ëffentlech a sollte jidderengem op einfach Manéier zougänglech sinn. Dofir ënnerstëtze mir d'Iddi vum Live-Streaming vun allen ëffentleche Gemengerotssëtzungen grad esou wéi d'Generaliséierung vun engem digitale Reider. Och wesentlech kommunal Dokumenter, wéi z.B. de Budget, sollten online accessibel sinn.

4.2. Participatioun

An der haiteger Gesellschaft geet eng reng formal demokratesch Representatioun net méi duer. D'Leit wëllen net just all sechs Joer wile goen, si wëlle gefrot a mat an Entscheidungsprozesser agebonne ginn. Mir wëllen d'Consultatioun vu Biergerinnen a Bierger erweideren a Raum schafen fir mat de Leit am Gespréich ze sinn iwwert déi wesentlech Orientéierungen bei kommunale Projeten. Dëst e.a. iwwert méi Informatioun, öffentlech Versammlungen, Biergerforen, Notzung vu Soziale Medien, d'Aféierung vun engem partizipative Budget an der Schafung vun enger Ulafstell, déi d'Reklamatiounen a Virschléi vun de Bierger ophëlt.

4.3. Integratioun an Inclusioun : eng Gemeng fir jiddereen, mateneen

Gemeng, dat bedeit fir ons och Gemeinschaft. Eng Gemeng ass lieweg, wann et e Mateneen a kee Niewenteneen ass. Integratioun an Inclusioun si fir ons prioritär Themen vum kommunalen Zesummeliewen. Mir wëllen e Kontext schafen, an deem kee Mënsch ausgeschlossen ass oder vergiess gëtt.

Sou wëlle mir de Seniore bei der Digitalisatioun hëllef an emgedréint e Réseau vu Seniore organiséieren, déi bei der Hausaufgabenhëllef kéinten aktiv ginn.

Mir brauchen eng Formatioun fir Leit, déi de REVIS kréien, fir datt si sech kënnen op den Aarbechtsmarché integréieren.

Mir wëlle Lokalitéite fir Projeten zur Verfügung stellen an do, wou et méiglech ass, e Lokal fir e soziale Buttek zur Verfügung stellen ("Maison solidaire"). Hei soll eng Ulafstell geschafft ginn, fir Projeten am Kader vun der Réintegratioun op den Aarbechtsmaart ze organiséieren, eng Ulafstell ze sinn fir sech kennen auszetauschen zu ganz diversen Themen (Flüchtlingen, jonk Mammen oder jonk Famillen, Jugendlecher déi Hëllef brauchen am hirem Alldag ...) e Raum ze bidden fir Leit déi sech wëllen um Marché mat enger Startup etabléieren an dëst awer nëmmen zur Zäit nëmmen kennen stonneweis duerchfeieren. Et kann een och eng Epicerie sociale dran ënner bréngen.

Um kulturelle Plang hu mir Optioune fir d'Integratioun ze fërderen, sou z. B. e Bicher-schaf op verschiddene Platzen an der Uertschaft, dee vu lokalen Associatioune verwalt gëtt (Club Senior, Jugendhaus,...; e Café de Babel mat Diskussiounsronden ob verschidden Dëscher ëmmer mat enger festgeluechter Sprooch; e Bicherclub/Liesclub a verschiddenen Sproochen...

Mir géinge gär enes e Klima vu gudder Noperschaft an onse Gemenge schafen, déi ënner dem Schlofgemenge-Syndrom leiden. Et geet drëms, Leit nees beieneen ze féieren, en Austausch an e Mateneen ze fërderen. An deem Kontext wëlle mir Initiative wéi de Pakt vum Zesummeliewen an d'Noperschafts App HOPLR ënnerstëtzen, an e Mediateur fir Sträit tëschen Noperen aféieren.

Vill Leit doe sech schwéier mat administrativen Demarchen. Dofir sollt et an all Gemeng – oder gegebenenfalls interkommunal – en Ecrivain public ginn, deen de Biergerinnen a Bierger zur Verfügung steet fir hinnen ze hëllef beim Schreiwen vu Breiwer oder vun engem CV oder beim Ausfellen vun Formularen.

Ob ville Platzen sinn ons Gemengen nach net barrièrefräi. Vill Trottoiren sinn ze héich oder ob Platzen z schmuel. Et ginn ëmmer erëm Träpen wou een net d'Méiglechkeet huet mat engem Rollstull erop ze kommen. Dofir wäerte mer, an all deene Gemengen, an deene mir an d'Verantwortung kommen e Plan communal handicap mat de Bierger auszuschaffen, wou mir zesummen d'Schwaachpunkten an der Uertschaft ausmaachen a Léisunge ausschaffen, fir se ze behiewen an e.a. eng besser Accessibilitéit net nëmme vun öffentleche Gebaier, mä vum öffentleche Raum.

4.4. Proximitéit an administrativ Vereinfachung

Lëtzebuerg, dat war d'Land vun de kuerze Weeër. Ganz besonnesch um kommunale Niveau wëlle mir eng Verwaltung déi modern, séier, effikass a biergerno ass. Mir wëllen déi kommunal Administratioun personell, materiell an organisatoresch sou opstellen, datt de Bierger kann op kompetent a reaktiv Servicer vertrauen.

De Bierger muss Vertrauen an d'Administratioun hunn a sech sécher sinn, datt him gehollef gëtt.

D'Öffnungszeiten vun der Verwaltung/Guichet Population müssen de Bedierfnisser vun de Leit ugepasst sinn.

4.5. Digitaliséierung ouni digital Gap

D'Digitaliséierung um Gemengenniveau bitt enorm Méiglechkeete fir eng Verbesserung vun der Gestiou vun de kommunale Servicer an Infrastrukturen a schlussendlech fir d'Verbesserung vun Déngschtleeschunge fir Bierger.

Dofir wëlle mir d'Digitaliséierung vun de Gemengen virun dreiwen an sou d'Reaktivitéit an d'Effikassitéit vun den Servicer am Sënn vum Bierger verbessern an de Biergerinnen a Bierger et erméiglechen, e gréisstméiglechen Deel vun administrativen Demarchen online kënnen unzufroen.

Op deem Wee wëlle mir och fir ee besseren Zougang zu de kommunale Servicer a méi Transparenz an de Prozeduren suergen.

Bei alle Virdeeler, déi mir ons vu méi Digitaliséierung erwaarden, wëlle mir awer och déi net ausser Uecht loossen, déi sech an dëser digitaler Welt net esou gutt erëmfannen. Digitaliséierung, jo; digital Gap, nee.

4.6. Schoulen

Zum lokale Schoulwiesen gehéiert eng adaptéiert Infrastruktur. Nëmmen an engem favorabele Kader ka gutt geschafft ginn.

Mir wëllen d'Méiglechkeeten vun de Ganzdagesbetreiung iwwerdenken an zesummen mat alle Concernéierten de reelle Bedierfnesser vu Kanner an Elteren upassen. De Gemengen hir Moyenen müssen dëse Besoinen entspriechend ugepasst ginn.

Mir müssen och um lokale Plang Iwwerleeunge féieren iwwert eng zäitgeméiss Schoulorganisatioun. An dësem Kontext sollte mir ons, an enger ganzheetlecher Approche, mam Dagesoflaf vum Kand befaassen an ons d'Fro stellen, ob d'Schoulzäiten de Bedürfnisser vun de Kanner upasst sinn.

Vill Kanner verbréngen och vill Zäit an der Maison-Relais. Mir setzen ons dofir an, datt ee qualitativ héichwärtigen Encadrement ugebuede gëtt. An deem Sënn sollte mir ons och méi ëm d'Essen an de Schoulkantine suergen (méi regional, méi lokal a méi nohalteg).

D'Education précoce ass haut nach net fir all Kanner am Land accessibel. Mir wëllen dofir suergen, datt all Kand am Land a senger Gemeng d'Méiglechkeet huet, an de Précoce ze goen.

4.7. Kannerbetreiung a Maison Relais

Ons Gesellschaft huet sech an deenen leschten Joren schnell verännert. Vill Elteren ginn zu zwee schaffen well se et aus finanziellen Grënn müssen oder et esou wëllen.

Et ass dofir wichteg, datt een an senger Uertschaft genuch Crèchen huet, déi des Demande opfänken. Mir setzen ons dofir fir d'Schafung vun kommunalen Crèchen an.

Vill Kanner di an d'Grondschoul ginn, brauchen eng Platz an der Maison Relais. Mir kucken datt ons Maison Relais genuch Plätzen kennen offréieren.

D'Vernetzung tëschent Schoul a Maison Relais muss verbessert ginn. Den Austausch tëschent Enseignant an Educateur ass e ganz wichtegen Punkt hisiichtlech dem Wuelbefannen vum Kand während sengem Dag an der Schoul an an der Maison Relais.

D'Maison Relais huet ob der enger Säit eng Aufgab an der non-formaler Bildung, et ass keng Schoul. Ob der anerer Säit ass d'Nofro grouss datt do och eng gutt Hausaufgabenhëllef stattfënnt. Dëst ass vum Educatiounsministère versprach ginn. A Wierklechkeet sinn d'Maison Relais awer net dofir opgestallt an se kennen des Hëllef net an der Qualitéit ubidden wie se vun den Elteren erwartet gëtt. En Educateur ass keen Enseignant. Mir schafen dofir och dee néidege Kader fir d'Asetzen vun

geschoultem Personal ze erméiglechen an domat den Erwaardungen vun den Elteren an de Bedürfnisser vun de Kanner gerecht ze ginn.

D'Aktivitéiten an der Maison Relais mussen och qualitativ gutt sinn. Et mussen flott an edukativ wäertvoll Aktivitéiten ugebueden ginn. Och muss een d'Méiglechkeet ubidden d'Kanner während den freien Nomëtteger ob hirem Trajet an di verschidden lokal Veräiner oder d'Museksschoul ze begleeden.

Vill Kanner iessen och an der Maison Relais. Dofir setzen mer ons an fir eng gesond Ernährung mat méiglechst villen lokalen, regionalen an biologeschen Produkter. An deem Sënn wëlle mir d'Aféierung vun der Charte vum „sou schmaacht Lëtzebuerg“ oder „Natur genéissen“ (Sicona) ënnerstëtzen an dofir suergen, datt Krunnewaasser gedronk gëtt.

4.8. Jugend

Ons Jugend huet ganz besonnesch ënnert de Restriktiounen vun de leschte Joer gelidden. Mir sinn ons bewosst, datt de Passage vun der onbeschwéierter Kandheet an d'Contrain-ten vun Erwuessenenalter net einfach ass an datt een deene jonke Leit muss en Espace ginn, an deem si kënnen hir Erfarunge maachen. Dofir sinn Ariichtungen an Initiativen fir d'Jugend an de Gemengen eng wichteg Hëllef, déi mir wëllen volontaristesesch, participativ an empathesch ugoen.

Sou kann z.B. een en zentral geleent Jugendhaus ubidden, mat engem Partyraum fir Gebuertsdeeg ze feieren (bis 100 Leit), Tounstudio, Musekproufraum fir eng Band, ...

Um infrastrukturelle Plang wëlle mir, no Méiglechkeet, eng attraktiv lokal Offer schafen : Skatepisten, Beach Volley Terrainen, Terrains Multisports,

Mir wëllen ons suergen ëm déi psychologesch a sozial Betreierung vu Jugendlechen. Sou kann en e Streetworker aféieren deen aufsuchende Jugendaarbecht mécht. Och muss den Jugendbeoptraagten eng oppen Dir fir den Austausch mat Jugendlechen hunn.

Mir wäerten dem Jugendchômage decidéiert entgéintriieden mat adaptéierte lokale Mesuren, wéi zum Beispill lokale Beschäftigungsstrukturen, Ubidde vu Stagen (och déi lokal Entreprises dozou motivéieren), dem Ubidde vu Léierplazen (och déi lokal Entreprises dozou motivéieren) oder der Schafung vu Strukture fir Jugendlecher, déi d'Schoul ofbriechen.

Mir wëllen den Encadrement vu jonke Leit besser strukturéieren a professionaliséieren. An all Gemeng, an där mir an der Verantwortung stinn, soll et zumindest eng jonk Person ginn (Educateur gradué, assistant social), déi sech ëm d'Jugendpolitik këmmert. Dësen Encadrement soll och net nëmme passiv - spréch Jugendhaus - sinn, mä och aktiv op déi Jonk zougouen („aufsuchende Jugendpolitik“ - Streetwork organiséieren).

4.9. Senioren

Eeler Matbierger hu spezifesch Besoinen an Uleies. Si wëllen sou laang wéi méiglech an hirem vertrauten Environnement wunnen a liewe kënnen, sech fir anerer an der Gesellschaft engagéieren, sech weiderbilden, kulturellen a sportlechen Aktivitéiten nooen.

Mir wëllen d'Senioren dobäi ënnerstëtzen a si motivéieren fir sech weider an der Gesellschaft z'engagéieren an um ëffentleche Liewen deelzehuelen andeems mir en ugepasste Kader dofir schafen. Duerch de Bau vun Seniorewunnengen matten an de Wunnquartieren, duerch Verbesserung an Ausbau vun seniorespezifesch Déngschtleeschungen soll méiglech gemaach ginn, datt eeler Leit an hirem Doheem integréiert bleiwen.

Mir setzen op Proximitéitsservicer wéi Seniorentaxi, Téléalarm an Ënnerstëtzung bei Haushaltsaarbechten.

Donieft wëlle mir e sozialen Environnement schafen an deem Senioren weider gesellschaftlech agebonne sinn. Dozou gehéiert d'Ausschaffe vun engem Plan communal senior wou d'Gemeng d'Bedürfnisser vun hiren eelere Bierger ermëttelt an hir Aktiounen deementspreechend kann organiséieren.

Sport a Bewegung ass immens wichteg, och a besonnesch wann een am Pensiounsalter ass. Dofir bauen mer d'Offer am Sport -Loisir aus.

Weider Initiativen kënnen dëst Angebot erweideren, e.a. : d'Ubidden vun engem grouse Fräizäitprogramm, Dagesausflich, Dag vum drëtten Alter, Seniorechrëschtfeier, Organiséieren vun engem Mëttesdësch – eemol pro Mount.

4.10. Benevolat a Veräinsliewen

Déi chrëschtlech-sozial Gemengeréit engagéieren sech dofir, datt all eenzelen Bierger Verantwortung iwuerhuele kann. Dofir ënnerstëtze mir all Initiativ, déi d'Benevolat an den Asaz fir d'Veräinsliewen um lokale Plang férdert.

Ouni den Asaz vu benevole Membere kann et liewegt Veräinsliewen net stattfannen, an ouni dat fënnt och kee gesellschaftlecht Liewen an de Gemengen statt. Dofir musse mir d'Veräiner dobäi ënnerstëtzen fir Memberen ze fanne, z.B. an deems ee Reklamm fir d'Associatioun mécht, zemoos bei de Jonken, an d'Veräiner materiell ënnerstëtzt.

Mir kënnen d'Veräinsliewen och doduerch férdere andeems mir Leit ënnerstëtzen, déi aus finanzielle Grënn hir Kotisatioun net bezuele kënnen.

4.11. Kultur

D’Kultur féiert Mënschen zesummen an ass e wesentleche Bestanddeel vun der sozialer Kohesioun. Si ass och e wichtegen Aspekt vum mënschleche Wuelbefannen.

Dofir ass et fir ons Gemengen wichteg eng lieweg kulturell Offer unzëbitten, den Zougang zur Kultur ze erméiglechen an de noutwendegen kreative Fräiraum ze schafen.

Well d’Kultur zu den «net-obligatoreschen Aufgaben» vun de Gemengen gehéiert, kënnen si fräi entscheeden, ob, wéi a wéi vill si wëllen investéieren.

Dat léisst de Gemengen engersäits vill Spillraum fir ze decidéieren wat si maachen. Op där anerer Säit, wann d’Finanzen knapp sinn, hunn déi obligatoresch Aufgaben normalerweis Prioritéit, a wat d’Kultur ugeet, sinn d’Erspuernisser onproportional héich. An dann hänke vill Projeten vu staatlechem Co-Finanzement of.

Well mir ons der Wichtigkeet vun enger reeller kommunaler Kulturpolitik bewosst sinn, wëlle mir e kloer definéierte Finanzprogramm fir kulturell Fërderung an der Gemeng opstellen a Planungssécherheet fir déi Kulturschaffend schafen.

4.12. Sport

Grad ewéi d’Kultur ass de Sport eppes wat Mënschen zesumme bréngt an dat soziaalt Liewen an de Gemengen férdert. Doriwwer eraus leescht d’sportlech Aktivitéit e wesentleche Bäitrag fir d’Gesondheet vun ons all.

Dofir wëlle mir an de Gemengen weider fir eng attraktiv Offer vu Sportinfrastrukture suergen an déi lokal Acteuren vum Sport materiell a finanziell ënnerstëtzen.

Fir ons Kanner müssen mer kucken datt mer an der Schoul och eng funktionéierend LASEP hunn. Hei kann all Kand Sport maachen ouni sech spezifesch ob eng Sportart ze fokusséieren. Dofir mussen mer als Gemeng kucken datt mer déi néideg Infrastrukturen och hunn. An enger Gemeng die schnell wiist müssen den Infrastrukturen och mat wuessen fir datt een en gudden Schoulsport an Breeddesport de Leit kann offréieren.

Mee och ons Sportsveräiner die sportlech Offer an der Gemeng komplettéieren müssen déi néideg Infrastrukturen hunn fir hier Aktivitéiten kennen duerch ze zeien.

Nieft de Sportsveräiner soll een awer och Yoga, Danz, Out Door Fitness an aner Sportméiglechkeeten ubidden, wéi z.B. Out Door Fitness, Beach-Volley Terrains, Petanque Pisten, Skatepisten, en Danzsall, Sall fir Yoga, Sofrologie oder fir douce Gymnastik.

5. SOZIALPOLITIK

CSV steet säit ëmmer fir eng effikass Sozialpolitik an de Gemengen. An enger Gemeng muss jiddereen seng Platz fannen. Et ass wichteg datt een probéiert datt et jidderengem an der Gemeng gutt geet.

Verschidden Leit sinn duerch divers Grënn op Hëllef vun der Gemeng ugewisen. Vill Leit kennen sech de Loyer net méi leeschten oder kommen duerch déi steigend Präisser an der Energie an bei de Liewensmëttelen a finanziell Schiflagen. Mir müssen kucken datt ons Bierger esou gutt ewéi méiglech duerch d’Kris kommen.

Et ass wichteg datt een e kompetenten Office social huet deen onkomplizéiert a schnell de Leit hëllef kann.

An der Sozialpolitik brauche mer eng Reform vun den Offices sociaux. D’finanziell Moyenen müssen de reelle Besoinen ugepasst ginn an e sozialen Verdeelungsschlëssel soll ageféiert ginn, deen de sozio-ekonomesche Realitéiten vun den eenzele Gemengen ugepasst ass.

D’Memberen vun de Schäfferéit sollen an de Verwaltungsréit kënne siegéieren fir eng besser Koordinatioun tëscht Gemeindeverwaltung an Office social ze erméiglechen. D’finanziell Moyenen müssen de reelle Besoinen ugepasst ginn an e sozialen Verdeelungsschlëssel soll ageféiert ginn, deen de sozio-ekonomesche Realitéiten vun den eenzele Gemengen ugepasst ass.

An der aktueller schwiereger an imprevisibeler Zäit müssen och d’Gemengen méi sozial Verantwortung iwwerhuelen an dozou bäidroen datt d’Mënschen sou gutt wéi méiglech duerch dës Kris kommen. Mir wëllen dofir suergen, datt déi betraffe Leit e suivi social vum Office social kréien.

Et muss een Sozial Wunnengen hunn déi een fir en ugepassten Loyer kann vermëttelen. Mee et muss een awer och e suivi social vun dësen leit maachen fir hinnen iwwerhaupt eng Chance ze ginn aus hirem Misär sech eraus ze schaffen.

Sou kann ee gegebenenfalls eng kommunal Prime op d’Allocation à la vie chère drop leeën, zousätzlech zu deem wat de Staat bezilt.

Och wëlle mir d’Zuel vun de Sozialwunnengen, déi vun der Gemeng aus verwalt ginn, eropsetzen.

6. MOBILITÉIT AN ÉFFENTLECHEN TRANSPORT

Gratis öffentlechen Transport ass net gläichbedeitend mat flächendeckend effizienter Mobilitéit. Nach ëmmer ass den Zougang zu öffentlechen Transportmëttel net fir jidderee gläich. Accessibilitéit ass d'Thema vun der Stonn. Mir wëllen ons an alle Gemengen asetzen fir e besseren Zougank zum öffentlechen Transport, besser Verbindungen an ugepassten Horairen.

Mir gesinn an der Schafung vun engem Ruffbus eng Verbesserung vun der Mobilitéit am ländleche Raum.

Fir de Beruffsverkéier effizient ze reduzéieren si mir fir e konsequenten Ausbau vun Opfangparkingen an engem parallelen Developpement vum Carsharing/Covoiturage. Donieft kënnent d'Gemengen d'Elektro-Mobilitéit zousätzlech zum Staat subventionéieren oder de Kaf vum eegenen Vëlo zousätzlech zum Staat subventionéieren.

Och wëlle mir Weeër fannen fir eng verstärkt Dezentraliséierung vun den Aarbechtsplazen, an deems mir Co-working Space schafen an den Télétravail férdere.

D'Mobilitéé douce muss um lokale Plang weider ausgebaut a verbessert ginn. An deem Kontext wëlle mir e Veloskadaster mat de Schwachpunkten fir de Vëlo a séchere Schoulweeër mam Vëlo ausschaffen a parallel och e Foussgängerweeekadaster opstellen.

Do wou et Sënn ergëtt, wëlle mir Vëlosstroossen aféieren, an esou dem Vëlosfuerer méi Sécherheet ginn. Parallel muss och fir méi foussgängerfrëndlech a méi sécher Stroossen a Weeër an onse Stied an Uertschafte gesuergt ginn. Insgesamt wëlle mir d'Vëlosweeër konsequent ausbauen aner begleetend Moossnamen huelen, wéi z.B. eng öffentlech Vëloswäschstatioun opriichten, genuch Vëlosstänner an der Uertschaft a genuch Vëlosiwerdiech bei de Schoulen installéieren.

Wat de Schülertransport ugeet, sou wëlle mir iwwerall do, wou et méiglech ass, e Pedibus aféieren oder ausbauen, an do, wou de Bustransport noutwendeg ass, verstärkt op Elektromobilitéit setzen.

Mir ënnerstëtzen den dezentralen Ausbau vun Elektrobussen op öffentleche Plazen.

7. LOGEMENT AN URBANISMUS

7.1. Logement

D'Gemenge sinn ëmmer méi gefuerdert, wann et ëm bezuelbare Wunnraum geet. A wann si sonner Zweifel eng wichteg Roll spille kënnen, besonnesch wann et ëm d'Mobiliséierung vu bebaubarem Land geet, sou däerfe mir net vergiessen, dass hir Moyenen beschränkt sinn an dass d'Léisung um Terrain nëmmen aus dem Zesummespill vun allen Acteuren ka kommen.

Fir ons ass et kloer, dass d'Roll vun de Gemengen am Logement muss gestärkt ginn. Dat bedeit och, hinnen déi materiell a legal Instrumenter ze ginn fir hinnen ze erméiglechen, hiren Deel zur Schaffung vu bezuelbarem a sozialem Wunnensbau bäize droen. Besonnesch déi kleng a méttelgrouss Gemengen brauchen e flexibel Instrument fir dëser Aufgab nozekommen.

D'Prozeduren mussen gestrafft a vereinfacht ginn. Konfliktsituatiounen tëschen Verwaltung sollte verhënnert ginn. D'Aféierung vun engem « Dossier unique » fir d'Infrastrukturprojeten vun de Gemenge kéint op dësem Punkt substantiell Verbesserungen bréngen.

Mir brauchen en Audit iwwert d'Auswierkungen vun de neie Reegelen am Pacte Logement, wat de finanziellen an administrativen Opwand ugeet.

Mir wëlle méi Gebaier fir betreit Wunnen bereetstellen an ons ëm Mënsche këmmere, deenen hir sozial Situatioun sech ni verbessere wäert (z.B. aarm Senioren).

Doriwwer eraus wëlle mir och ons kommunal Reglementatioun den haitegen Liewensbedierfnesser vun de Mënschen upassen, e. a. an deem mir e Kader schafe fir d'Wunngemeinschaften ze erméiglechen.

7.2. Urbanismus

Mir gesinn an den Tiny Houses eng interessant Alternativ bei der Schaffung vun erschwénglechem Wunnraum. Mir proposéieren, dass de legale Kader deementspreechend ugepasst gëtt fir dass d'Gemengen de reglementaresche Kontext (PAG, PAP, Bautereglement) kënnen adaptéieren.

Fir d'Liewensqualitéit an onser Stied an Dierfer ze verbessere, ass et wichteg, dass mir den öffentlechen Raum sou gestalten, dass d'Mënschen sech do wuel fillen an sech gärën do ophalen, z.B. an deem mir öffentlech Platzen als Liewenskäer vun den Uertschaften schafen.

D'Corona-Pandemie huet ons och gewisen, wéi wichteg et fir de Mënsch ass, kënnen an d'Gréngs ze goen. Deene Leit, déi am urbane Raum liewen an déi kee Gaart hunn, sollt een d'Méiglechkeet ginn, aus hire véier Wänn kënnen raus an d'Natur ze goen, zum Beispill duerch d'Schafen an den Ausbau vun Noerhuelungsgebieder.

8. ËMWELT, ENERGIE A KLIMASCHUTZ

8.1. Ëmwelt a Klima

Ëmwelt a Klima ass een transversaalt Thema, dat mer als CSV wëllen ugoe mat Koherenz, Pragmatismus a Realismus.

Koherenz bedeit, datt mer ee Gläichgewicht brauchen tëscht Wunnengsbau a Landverbrauch, tëscht Landwirtschaft, Liewensmëttel an Industrie.

Konkret heescht dat, datt Klima-, Natur- a Logementspakt mussen matenaner gekuckt ginn.

Klima- an Ëmweltschutz ass net eleng eng Aufgab vu Staat a Gemengen, mee et concernéiert all Bierger. Dofir wëlle mir ons staark maachen fir e „Klimapakt mat de Bierger“.

D'Biodiversitéit soll en zentraalt Thema vun onser Lokalpolitik sinn, wat bedeit, datt bei all relevanten Entscheedungen den Impakt vu geplangte Moosnamen op d'Natur an déi biologesch Villfalt ermëttelt muss ginn.

Mir mussen alleguerten ëmdenken. Et ass wichteg dorop ze uechten wou d'Wueren hier kommen déi mer akafen. Mir sollen hei europäesch Produktiounen ënnerstëtzen fir datt mer manner ofhängeg si vum groussen Weltmarché.

Bei onse Bauprojeten déi mer duerchfeieren passe mer ob datt se no de Reegelen vun der Circulareconomie ausgeféiert sinn.

Do wou mir wäerten an der Verantwortung stoen wäerte mir de Naturpakt ënnerschreiwen an en Naturpakt Team opstellen. D'Naturpaktteam an d'Klimateam si wichteg Gruppen wou een mat engagéierten Bierger kann flott Projeten ëmsetzen.

Mir wëllen aner Mesuren huelen fir den ëffentleche Raum méi frëndlech an natierlech ze gestalten, z.B. duerch d'Uleeën vu Blummebeeter, wou d'Insekten, e.a. d'Beien, d'ganzt Joer iwwe Nahrung fannen, oder vun engem Schoulgaart.

An de Gemengegrünflächen solle keng Pestiziden gebraucht ginn. D'Planzen sollen einheimesch sinn.

Ob den Flaachdiecher soll e Grengdaach gemaach oder mat Photovoltaik ausgeluecht ginn oder eng Kombinatioun vu Béidem.

Do wou mir wäerten an der Verantwortung stoen wäerte mir de Naturpakt ännerschreiwten an en Naturpakt Team opstellen.

Mir wëlle weider Moosnamen zur Reduktioun vum Kaméidi an den Uertschaften huelen an ons resolut géint Liicht-a Loftverschmottzung stellen.

8.2. Energie

Ee virrangegt Thema fir ons ass den Ausbau vun allen Erneierbaren Energien. Mir setzen op een Energiemix bestoend aus Solar, Wand, Waasserstoff, Biogas an Holzenergie an ännerstëtzen deemno all lokal Initiativen an dësem Beräich.

Speziell am Beräich vun der Transitioun beim Heizen vun den Haiser spillen Gemengen eng grouss Roll: Mir wëllen Wärmekonzepter auszeschaffen an och am Gemeindeglement etabléieren. Dorënner fällt zum Beispill den Ausbau vun dezentralen Infrastrukturen wéi Fernwärmenetzer (fir ënnert anerem bestoend Gebaier nohalteg ze hëtzen) an awer och d'Identifizéieren an Uschléissen vun potentiellen Wärmequellen an den Gemengen. Bei neien Lotissementer wëllen mir Konzepter fir d'Energieproduktioun an Energiekonsommation proposéieren (Prosumerprinzip). Domadder verbonnen setze mir op d'Reduzéierung vum Energieverbrauch Kommunal kompletar Bähëlleferten zu den Staatsbähëlleferten sollen Transitioun op erneierbar Energien ännerstëtzen.

Mir si fir den Ausbau vu Solarpaneelen ob den ëffentlechen Gebaier an der Gemeng, op eleng Initiativ vun der Gemeindegverwaltung oder mat der Partzipatioun vun de Bierger.

Am Sënn vum Energiespueren soll d'Stroossebeliichtung no an no duerch eng LED-Beliichtung ersat ginn.

8.3. Ooffallvermeidung a Recycling

Mir wëllen lokal Initiativen géint d'Verschwendung vu Ressourcen ännerstëtzen, wéi zum Beispill e Repaircafé ariichten, e Vide grenier an e Second Hand Maart organiséieren oder Workshop am Upcycling ofhalen.

All Gemeng soll e koherent Ooffallkonzept kréien a iwwerall sollen d'Bierger Zougang zu engem gutt funktionéierenden Recycling-Center kréien.

Ooffalltaxen sollen sou gestaffelt ginn, datt se de Bierger zur Ooffallvermeidung bzw. Ooffallreduzéierung urreegen.

8.4. Waasserwirtschaft

Waasserversuergung an –entsuergung si wesentlech Aufgaben vun der kommunaler Politik. Proppert Drénkwaasser ass en onverzichtbar Gutt an dofir gesi mir et och als eng vun de grouse Prioritéiten vun onser Aarbecht an de Gemengen fir an Zukunft weiderhin konsequent an d'Drénkwaasserqualitéit ze investéieren.

Onst Drénkwaasser ass vun excellenter Qualitéit. Mir wëllen mir Waasserspender an de Gemengegebaier mee och dobaussen am öffentleche Raum opstellen fir d' Consommation vum Krunnewaasser ze förderen.

Bei de Privatleit, bei de Gemengeprojéen mee och bei de Firmen wëllen mer den Ausbau vu Reewaasserobfangbehälter ënnerstëtzen fir datt d'Reewaasser esou kann genetzt gin, fir ze netzen oder fir d'Toilettenspülung am Haus. Esou kennen mer ons Drénkwaasserressourcen schounen.

Och a Saachen Héichwaasserschutz wäerte mir ons Efforte verstärken an déi noutwendeg präventiv Mesuren huelen, fir d'Mënschen an hir Wunnechten virun Iwwerschwemmungen ze schützen.

9. SËCHER LIEWEN A MENGER GEMENG

9.1. Police

Zu den Uraufgaben vun de Gemengen gehéieren d'öffentlech Uerdnung, d'Sécherheet an d'Salubritéit. Am haitege Kontext gëtt et ëmmer méi schwéier, dëser Aufgab nozuekommen. D'Erweiterung vun de Kompetenzen vum Agent municipal léist net all Problem um Terrain.

Mir sti weiderhin zu der Noutwendegkeet vun enger Police de proximité. An deem Sënn proposéiere mir d'Schafung vun engem Corps d'auxiliaires de Police, déi polizeilech Kompetenzen hunn, statutaresch un de Corps de Police grand-ducal rattachéiert sinn, mä bei d'Gemengen affektéiert an dem Schäfferot bzw. dem Buergermeeschter ënnertallt kënne ginn.

Positiv Erfarungen hu mir an verschiddene Gemengen mat mixt Equippen vu Polizisten a kommunalen Agenten gesammelt. Mir wëllen och an Zukunft op dës pragmatesch an effizient Kollaboratioun setzen.

Dissuasioun a Preventioun si wesentlech Facteuren a Saachen öffentlech Sécherheet. Dofir wëlle mir d'Video-Iwwerwaachung op Garen an Hotspots auswäiten. Mir gesinn d'Videosurveillance net am Géigesaz zur Protektioun vun der Privatsphär, mä als Instrument vum Schutz vu biergerleche Fräiheeten a Sécherheet am öffentleche Raum.

An evidenterweis wäerte mir dës Form vun Iwwerwaachung och am strikte Respekt vun onsem Datschutzgesetz duerchféieren.

9.2. Rettungsdéngschter

Onst Land brauch en effizienten a operationelle Rettungsdéngscht, dee flächendeckend gutt funktionéiert a keng Regioun a keng Gemeng vernoléisst. De Prinzip vun der Gläichheet vun Bierger verlaangt dat, grad sou wéi d'Sozialmoral zu där d'CSV zanter Ufank steet.

D'CSV fuerdert datt de Staat säi Bäitrag zum Finanzement vun CGDIS bezilt, seng Engagementer anhält an keng weider Belaaschtung op d'Gemengen fällt.

An deem Sënn wëlle mir d'Benevolat ënnerstëtzen an an de Gemengen d'éischt Hëllef promouvéieren. Mir wëllen d'Biergerinnen an d'Bierger implizéieren an d'gesellschaftlecht Wuelbefannen.

Mir wëllen eng Gesellschaft vun der Solidaritéit promouvéieren, an där een deem aneren hëllefen - an am Noutfall - rette kann.

9.3. Gesondheet

D'Gemeng kann eng ënnerstëtzend Funktioun an der Präventivmedizin iwwerhuelen. Mir setzen ons an fir den Ausbau vun der lokaler Offer vun ambulanten Gesondheits- a Fleegeservicer.

Do wou et méiglech ass sollten d'Gemengen en Effort maachen fir e Centre médical respektiv e Gesondheetshaus fir hier Bierger unzebidden. Sou zum Beispill andeems d'Gemeng engem Grupp vun Generalisten, verschidde Spezialisten, awer och Kinéen, evtl. Psychologen, Laboratoiren etc... een Haus kéint ubidden, wou se zu engem abordabele Loyer hier Praxis kënnen opmaachen.

Am Hibleck op déi ëmmer méi heefeg Perioden vun Hëtzt wëlle mir um lokale Plang e „Plan canicule“ entwéckelen. Och wëlle mir d'medezinesch Versuergung an d'Suicidepreventioun an de Gemengen verbessern.

10. ECONOMIE

D'Gemengen sinn e wichtige Partner, wann et ëm d'Economie an d'wirtschaftlech Entwécklung geet. Mir stinn fir wirtschaftlech Diversifikatioun an Dezentraliséierung. Ganz am Sënn vun Plan directeur sectoriel „zones d'activités économiques“ sti mir fir eng duerchduechte Verdeelung vu betribecher Aktivitéit an deenen domat verbesserten Aarbechtsplazen queesch duerch d'Land. Et soll d'Zil sinn, keng Inegalitéiten

tëschent Regionen a Gemengen ze schafen a fir manner Verkéier a Belaaschtung an de Stad- an Uertszentren ze suergen.

An deem Sënn wëlle mir och den den Intéressement économique vun de Gemengen renforcéieren, e.a. wat den Impôt commercial ugeet.

Fir ons Stad- an Uertskaeren ze beliewen wëlle mir d'Viraussetzunge schafen, datt sech nees kommerziell Aktivitéit kann entwéckelen. Dozou gehéiert e Package vu Moosnamen vun der Verkéierssituatioun, dem öffentlechen Transport, dem Parkraum, der Propretéit, de Gréngflächen bis zur öffentlecher Sécherheet.

D'politesch Debatt ronderëm de PIB du Bien-être weist och dass d'Allgemengwuel vun enger Gesellschaft net eleng am materielle Räichtum läit. D'Gemengen kënnen eng wichteg Roll spillen bei der Ëmorientéierung vun onser Wirtschaft a Richtung Allgemengwuel. Beim Wirtschaftsmodell vun der Gemeinwohlökonomie stinn Wäerter am Mëttelpunkt: Mënschewierd, Gläichbehandlung, Solidaritéit, sozial Gerechtegkeet a Kohesioun, ökologesch Nohaltegkeet, demokratesch Matbestëmmung.

Gemengen, déi sech als „Gemeinwohl-Ökonomie Gemengen“ zertifizéieren loossen, versichen, déi Wäerter an hirer alldieglecher Politik par rapport zu hire Beréierungsgruppen (Bierger, Fournisseure a Betriber, soziaalt Ëmfeld, asw.) ze fuerderen an ëmzesetzen. Doduerch schafen se konkret Aussichten fir wirtschaftlech Acteuren, déi sozial a nohalteg Critèren héich halen, ethesch handelen an zum Wuel vun onser Gesellschaft bäidroen.

11. TOURISMUS

Den Tourismus bréngt souwuel konkret wéi immateriell Virdeeler fir d'Gemengen an hir Awunner. Den Tourismus huet steierlech Effekter, vun deenen Gemengebudgeten profitéieren.

Sou huet d'Aktivitéit am Beräich vum Tourissem en Afloss op d'Léin an d'Akommessteier vun deenen, déi am Secteur beschäftegt ginn, grad esou wéi all aner Steieren an Taxen, déi op den Tourismusservicer erhuewe ginn.

Den Tourismus schaaft a séchert net-exportabel Aarbechtsplazen a generéiert Akommes fir d'Awunner, an huet e positive Afloss op den Image vun der Gemeng um nationalen a souguer um internationalen Niveau. Dat dréit zur Attraktivitéit vun der Gemeng an der Regionen bäi.

Duerch eng héich Qualitéit vu Kultur-, Sport- a Fräizäitariichtungen kann och d'Attraktivitéit fir an der Gemeng ze wunnen erhéicht a fir d'Betriber d'Chance fir d'Rekrutierung vu qualifizierten Mataarbechter verbessert ginn.

Och kann e positiivt Bild vun der Gemeng dozou bäidroen, datt d'Identitéit vun der Gemeng gestärkt an de Lien vun den Awunner mat hirer Gemeng an hirer Region gestärkt gëtt.

Vun de Méiglechkeeten an de Spezifizitéiten vun der Gemeng oder der Region könne mir d'Ausrichtung vun der lokaler Offer no spezifeschen «touristeschen Produkter» definéieren, wéi z.B. Stadttourismus; Kulturtourismus; Sport- an Erliwnesstourismus; ruralen an naturorientéierten Tourismus; Business- a Kongresstourismus; Fräizäit- und Dagestourismus; Gesondheits- an Thermalstourismus; Wander- a Vëlostourismus; etc ...

Bei der Ëmsetzung soll d'Gemeengeverwaltung mat allen Acteuren d'Aktivitéiten koordinéieren an en allgemenge Modell vun der kommunaler Tourismuspolitik opstellen, deem nohalteg, ëmweltfrëndlech a sozial kompatibel ass.

D'Lokalpolitik muss dofir suergen, datt den Tourismusprofil no de lokale Spezifizitéiten vun der Gemeng ausgeluecht gëtt.

Déi touristeschen Offer muss op laangfristeg a verifizéierbaren Entwécklungen baséieren. D'Gemeengepolitik muss sech op den nohaltege Tourismus konzentréieren, an d'Orientéierung vis-à-vis vum Accueil d'äerf net op Käschte vun den Awunner a Bierger vun der Gemeng goen.